

## Classeuren & Bürosklameren, ? dierfen déi mat an de Pabeier- & Kartongscontainer

**Nee!**

All d' Metallstécker (idem Plastik a Pech) sollten wa méiglech virun der Entsuegung am Pabeier- & Kartongscontainer erausgeholl an am Recyclingcenter getrennt entsuergt ginn.

## Benotzte Nuesschnappecher, ? dierfen déi mat an de Pabeier- & Kartongscontainer

**Nee!**

Benotzte Pabeieruesschnappecher an och Kichepabeier kënnen net recycyéiert ginn, kënnen awer mam Biooffall entsuergt ginn. Och knaschteg Pabeier- a Kartongsverpackunge gehéieren net an de Pabeier- a Kartongscontainer, mee an de Reschtoffall.

## Keessenziedel, ? kann deen an de Pabeier- & Kartongscontainer

**Nee!**

Déi meescht Keessenziedel bestinn aus Thermopabeier a mussen am Reschtoffall entsuergt ginn.

## Pabeier am Biooffall, ? fir d'Upechen um Buedem ze verhënneren, ass dat OK

**Jo!**

Al Zeitungen, Kichepabeier oder Pabeierstute kënnen genotzt ginn, fir d'Upeche ze verhënneren a Geruchs- a Schimmelbildung ze vermeiden. De Behälter sollt reegelméisseg gewäsch ginn.

## Biologesch degradabel ? Plastikverpackungen, ? duerfen dës an de Biooffall

**Nee!**

„Biologesch degradabel“ ass kee gesetzlech gereegelte Begrëff. Vill Produiten sinn nëmmen deelweis biodegradabel oder sinn net géeeent fir Kompostéierungsanlagen oder de Kompost doheem. Am Zweiwelsfall deemno mam Reschtoffall entsuergen.

# Trennen ? Maach ! N°2 ? Trennungs- ? et richtig!



**Nee!**

## Ofgelafen oder ? ongeneisbar Konserven, ?

soll ech dës zouloossen an am Reschtoffall entsuergen

Idealerweis d'Konserven opmaachen an de Contenu iwwert de Biooffall an de Behälter iwwert de spezifesche Recyclingwee (Glas, Kartong oder Valorlux) entsuergen. Den Inhalt dierf net an den Offloss geschott ginn, well dëst de Kanal verstoppen an d'Waasserpbereitung an der Kläranlag stéiere kann.

**Jo!**

## Gras a Gaardenoffäll, ? kann ech déi ? am Biooffall entsuergen



Bei gréissere Quantitéite sollt een d'Gaardenoffäll awer separat vun der Gemeng ofhuele loossen oder selwer am Recyclingszenter laanschtbréngen. Oppassen, dass méiglechst kee Buedem mat entsuergt gëtt. Äscht an déckt Holzmaterial duerfe bei verschidde Gemengen net an de Biooffall (informéier dech an denger Gemeng).

## Doudeg Déieren, ? kann ech déi am Biooffall ? entsuergen

**Nee!**



Kadaver vun Déiere sollten am beschte Fall iwwert den Déierendokter entsuergt ginn. Kadaver vu klengen Déieren, wéi Mais a Villercher, kënnen och an enger Tut am Reschtoffall entsuergt ginn.

## Biren, ? kënnen déi an de Glascontainer ?

**Nee!**



D'Sammlung vu Bire gëtt iwwert Ecotrel organiséiert. Et kann een se an de Recyclingszentren, bei der SDK oder a munche Geschäfte ofginn.

## Plastikfläschchen & Béchsen ? soll ech dës zesummendrécken ? ir ech se entsuergen

**Jo!**



Dëst awer just fir Plaz am Behälter a beim Transport ze spueren.

### Editeur

www.ebl.lu  
info@ebl.lu  
(+352) 247 86831



### An Zesummenaarbecht mat



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable  
Administration de l'environnement

ecotrel  
association sans but lucratif

SDK  
RESSOURCEN  
PRODUKTECH  
KOMPOSTIEREN  
& RECYCLER  
SuperDrecksKëscht®

VALORLUX  
Ensemble, en route vers un monde durable

### Publizéiert vun

Gemeng Waldbëlleg



WALDBËLLEG  
COMMUNE DE WALDBILLIG

KlimaPakt  
European Energy Award